1) E Bauer dee mat engem Trakter fiert deen ËNNER 40km leeft oder ugemellt ass, däerf ouni zousätzlech Formatioun säi Camionsführerschäin benotzen, och wann den Trakter méi wéi 12t weit?!

   Trakter ass Permis B oder F, demno keng Formatioun. Wa Wuere mat engem Camion (Permis C) transportéiert ginn, da muss een d'Formatioun maachen.

2) De Bauer deen een Trakter huet, deen IWWER 40Km, dat heescht 50 oder souguer méi ugemellt ass, an deen mei wéi 12t huet muss Formatioun maachen?!

   Trakter ass Permis B oder F, demno keng Formatioun.

3) Dat heescht Mädrescher an Häcksler IWWER 12t déi manner wéi 45Km fueren oder ugemellt sinn, bräichten déi zousätzlech Formatiounen NET ze maachen (fir de Bauer dee fir sech fiert)?!

   Méidrescher an Häcksler si Maschinen, déi jo net fir de Wuerentransport geduecht sinn an och normalerweis net gebaucht ginn. Fir Maschinen iwwert 12t braucht een zwar de Permis C, well keen Transpor,t hei dann awer keng Formatioun.

3. a) Wéi ass et da mat de Lohnunternehmer, wou drënner falen déi? Brauchen déi och eng Formatioun well se jo Bauer sinn? (z.B. fir ze dreschen oder fir ze häckselen?)

Et mecht keen Ënnerscheed als wat een am Betrieb agestallt ass (Direkter, Patron, Aarbeschter, Angestellter, Büroarbeiter…). Soubal e fir de Betrieb fiert an een dofir e Permis vun der Kategorie
C braucht, muss een d'Formatioun maachen.

4) TGV dat heescht 50Km ugemellt méi wéi 12t fir säi Landwirtschaftleche Betrib fiert, braucht dee eng Formatioun, jo oder nee?

   TGV ass en Trakter, also Permis B oder F, demno keng Formatioun.